FÉDÉRATION LUXEMBOURGEOISE DES PÊCHEURS SPORTIFS

SECTION: < PÊCHE EN MER >

Luxembourg, den 7 Januar 2019

Rapport vun der 40. Generalversammlung (2019)

6. Januar 2019

(vlnr: John Scheifer, Domingos Da Silva, Norbert Welter, John Palgen, Giovanni Micucci, Jessica Consemius, Fred Wagner, Irmine Steyer, Carole Streff-Helbach, Jean Dostert, Serge Binz, André Biver, René Royer, Gilbert Zangerlé)

Usprooch vum Präsident

De President André Biver begréisst ganz häerzlech d'Memberen an d'Sympathisanten vun der Sektioun "Pêche en Mer" F.L.P.S. . Hien entschëllegt den FLPS President Jos Scheuer an de Comitésmember a Vertrieder vum Verband Nico Hottua.

No enger Gedenkminutt un déi verstuerwe Kollegen vun der Sektioun mécht hien déi 40. Generalversammlung op.

D'Sektioun "Pêche en Mer" vun der FLPS besteet elo schonn 40 Joer. Esou e ronnen Anniversaire soll a muss gefeiert ginn. Dat maache mir de 24. Februar am Kader vum FLPS Kongress zu Mertert. De President invitéiert elo schonn all Memberen un dëser Feier deelzehuelen.

An enger klenger Ried iwwer de Verlaf vum Joer 2018 seet hien och sengem Comité, all de Sponsoren an och dem Batti e spezielle Merci fir hier gutt Aarbecht an d'Ënnerstëtzung iwwer dat ganzt Joer.

Rapport vum Sekretär

De Sekretär Gilbert Zangerlé mecht e klenge Rapport vun den Aktivitéiten 2018. Dëse Rapport gouf och der Versammlung ausgedeelt. De Moment hu mir 59 aktiv Memberen.
Hie weist sech erfreet, dass eis Tagesfahrten erëm méi e grousse Succès hunn. Dëst ass speziell op eis auslännesch Frënn zeréckzeféieren, déi ausser hirer Participatioun och e beschen Vielsäitegkeet a Faarf an eis Fahrten bréngen. De Rapport 2018 gouf vun der Versammlung ugeholl.

Rapport vun dem Keessier

De Keessier Claude Resch huet der Versammlung am Detail d'Compten vun der Sektioun virgeluegt an déi verschidde Mouvementer erkläert. Fir den Exercice 2018 mécht d'Sektioun en Defizit vu 4002,67 €. Dëst ass gréisstendeels doduerch ze erklären, dass mir en zimlech grousse Stock u Kleeder akaaft hunn.

Keeserevisoren

D'Keesserevisoren fir 2018, Norbert Steyer, Baustert Jean-Jacques a Fernand Gira, haten de 5. Januar d'Kees kontrolléiert an hunn der Versammlung bestätegt, dass d'Kees ganz korrekt a minutiéis geféiert ginn ass. Sie bieden d'Versammlung dem Kessier d'Décharge fir 2018 ze ginn.
Dat gouf per Acclamatioun acceptéiert.

Cotisatioun 2019

Et gëtt eestëmmeg beschloss d'Cotisatioun fir 2019 op 25 € ze loossen.

Erneierung vum Comité

Ausser den austriedenden an erëmwielbare Memberen huet sech de Fred Wagner an de Comité gemellt. Hien ersetzt domat de Ralph Maraschin dee seng Kandidatur nët méi gestalt huet.
Déi nei Equipe fir 2019 gouf par Acclamatioun guttgeheescht.
Am Comité fir 2019 sinn: Biver André, Resch Claude, Zangerlé Gilbert, Royer René, Micucci Giovanni, Palgen John, Scheifer John, Hottua Nico, Hansen Jean-Pierre a Fred Wagner.
D'Chargeverdeelung gëtt laut Statuten an der 1. Comitéssëtzung (16.1.2019) festgeluegt.

Neiwiel vun de Keesserevisoren

Zwee Keesserevisoren, Steyer Norbert a Fernand Gira haten hier Kandidatur erëm nei gestallt a goufen eestëmmeg zeréckgewielt. Als Ersatzmember fir de Jean-Jacques Baustert ass de Jean-Marie Godefroy gewielt ginn.

Landesmeeschterschaft 2018

- De John Scheifer, dee sech zesummen mam René Royer ëm d'Organisatioun vun der Landesmeeschterschaft këmmert, huet e klenge Bericht iwwer d'LM 2018 gemat an d'Resultater kommentéiert.

Berichter vun dem Trainer a Kapitäne vun de verschiddene Nationaléquipen

- De Giovanni Micucci, Kapitän vun der Équipe déi op d'Weltmeescheterschaft zu Setubal a Portugal wor, huet en ausféierleche Bericht iwwer dës Weltmeeschterschaft 2018 am Bootsfëschen gemat an d'Resultater déi eis Mannschaft erreecht huet kommentéiert.
- De René Royer, Kapitän vun der Équipe vun der Coupe des Nations 2018 an Holland (Neeltje Jans), geet op déi gutt Organisatioun vun dësem Concours an. Hien erkläert d'Resultat, dat eis Mannschaft erreecht huet.

Éierung vun de Beschtklasséierten 2018

No der Éierung vun de Beschtklasséierten vun der Landesmeeschterschaft am Bootsfëschen, vun der Coupe Will Helbach an der Coupe RS-Fishing hu mir mat enger Foto fir an d'Zeitung a fir op eis Internetsäit dës kleng Zeremonie ofgeschloss.

Programm 2019

De Sekretär stellt de Programm 2019 vir.

D'Landesmeeschterschaft 2019 am Bootsfëschen gëtt erëm a 6 Manchen op 3 Weekender gefëscht. E Weekend um Neeltje Jans, e Weekend zu Blankenberge (wou mir eis 1 Dag fir de Concours Robyfish aschreiwen) an e Weekend zu Breskens.

Section "Pêche en Mer"

http://mer.flps.lu
Email: mer@flps.lu
Tél.: 49 67 40 Fax: 26 29 69 21

LUXEMBOURG F.L.P.S. PÊCHE EN MER

PROGRAMME 2019

6	janv.	Assemblée Générale (Mersch)
12-13	janv.	LM1 + LM2 (Neeltje Jans)
24	févr.	Congrès F.L.P.S. (40 Joer PeM)
9	mars	Neeltje Jans
27	avril	Coupe AquaZooPêche (N.J.)
25	mai	LM3 (Concours „Robi Fish")
26	mai	LM4 (Blankenberge)
5-9	juin	Coupe des Nations (Org. All.)
15	juin	Neeltje Jans
13	juillet	Pêche aux Maquereaux (N.J.)
14	sept.	Jachts Blankenberge (B)
21-28	sept.	WM Bateau - Gallipoli (Italie)
9-10	nov.	LM5 + LM6 Breskens (NL)
16	nov.	Neeltje Jans

Participation aux expositions

Diskussioun

- Bar 2019: Wéinst dem dramatesche Réckgang vum Bar, huet d'Europäiesch Kommissioun décidéiert, dass nëmmen vum 1. Abrëll bis den 31. Oktober 1 Bar gefaang a mat heem geholl däerf ginn.
  Duerfir zielen se dann och net op eiser Landesmeeschterschaft 2019.

- De Sekretär stellt e puer Neiegkeeten vun der FIPS-M vir:
  - Italien huet eng Demande agereecht fir 2020 eng Master Weltmeeschterschaft (>55) am Bootsfëschen z'organiséieren.
  - Ab 2020 kennen och individuell Fëscher op enger WM deelhuelen. Sie zielen da net fir d'Lännerklassement, mais ginn awer fir d'Eenzelklassement gewert.
- D'Demande fir eng 24 Stonne Fahrt organiséieren gëtt allgemeng begréisst. Mir musse just den Transport organiséieren. E Bus gëtt ze deier duerfir musse mir mat privat Autoen oder engem Mini Bus fueren. Et muss awer sécher gestallt ginn, dass de Chauffeur geschlof huet an d 'Fëscher erëm sécher kann heembréngen.

Schlusswuert

Zum Schluss weist de President André Biver sech ganz erfreet iwwer déi konstruktiv Generalversammlung 2019 a seet all de Leit e grousse Merci a wënscht hinnen fir déi nei Saison vill Erfolleg. Hie gëtt all de Memberen Rendezvous de 24. Februar um FLPS Kongress, wou d'Sektioun 40 Joer feiert.

de Sekretär
Gilbert Zangerlé